



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6723 vum 26. August 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

- 1) Déi Projeten, déi am Kader vun Esch2022 stattfannen, sinn op der Internetsäit vun Esch2022 am Agenda ze fannen (<https://esch2022.lu/en/cultural-agenda/>).

Mat Verweis op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°6429 vum 30. Juni 2022, sief och nach emol präziséiert, datt d'Projeten, déi am Kader vun Esch2022 stattfannen, entweder vun der asbl Esch2022 selwer konzipéiert oder (an der Haaptsaach) opgrond vun engem Appel à projet selektionéiert goufen, dëst unhand vu geneeë Krittären, déi der spezifescher Zilsetzung vun Esch2022 an de generellen Ziler vun der EU-Aktioun "Capitales européennes de la Culture" entsprechen. Zur zweeter Kategorie gehéieren och Projeten, déi net spezifesch fir Esch2022 ausgeschafft goufen, mee vun de jeeweilege Projektträger am Kader vum Appel à projets deementspreechend adaptéiert goufen, fir d'Uleies an d'Krittäre vun der Europäescher Kulturhauptstad an uecht ze huelen, respektiv fir de Projet dëst Joer spezifesch op d'Iwwerleeunge vun Esch2022 auszeriichten. Well et sech bei enger europäescher Kulturhauptstad net em e Kulturjoer handelt, läit den Interessi vun esou Projeten och an der Kontinuitéit vun de jeeweilegen Thematiken, déi se uschwätzen.

- 2) De Kulturministère féiert keng Lëschten, wéi vill Kulturveranstaltungen pro Joer a Gemengen vun de lokale Verwaltungen oder soss Projektträger organiséiert ginn. E pauschale Verglach vun der Unzuel u Kulturveranstaltungen wier am Kader vun Esch2022 och net onbedéngt sënnvoll: engersäits besteet d'Zilsetzung vun der Europäescher Kulturhauptstad net doranner, fir méiglechst vill Kulturveranstaltungen während dësem Joer opweises ze hunn, an anerersäits sinn d'Esch2022-Projeten - am Sënn vun der Saach - och esou ausgeluecht, datt déi meescht dovunner eng Unzuel vun aneren Aktivitéiten (zBsp. Atelieren asw) mat sech bréngen. Dëst ass sécher eng Entwécklung déi mat Esch2022 zesummenhängt an och esou geduecht ass, ënnert anerem par rapport zum participativen Usaz vun der Kulturhauptstad.

Lëtzebuerg, den 13. September 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson